Ech wëll manner Zäit mam Duerchsichen vu mengem Harddisk verbréngen… wat maachen?

Léisung: Smart Folders, déi den alldeeglechen Workflow vereinfachen.

Eng typësch Situatioun als Beispill:

Dir schafft grad un engem Dokument am Pages (oder Word) an späichert et op folgender Plaz of:

Macintosh HD > Documents > Maloche > 2019-2020 > 7G01 > 1. trimestre > Die Griechen > Die griechischen Götter > 7G01 AB Die griechischen Götter.pdf

Dir maacht ären Browser op, gidd op d'Homepage vun ärem Copie-Service, fëllt all Détailer zur Commande aus a sicht dann op ärem Harddisk no där PDF fir se un är Commande unzehänken.

Dat ginn meeschtens allerhand vill Clicks, bis dir endlech beim leschten Folder ukomm sidd (Die griechischen Götter) an dem är PDF läit.

Méi einfach ass et, wann dir iech een Smart Folder am Finder définéiert:



1. Gitt am **Finder > File > New Smart Folder**

2. Définéiert är **Sichkriterien**. (+)

   Äre Computer duerchsicht elo selwer den Harddisk no de Kriterien, déi dir firdrun définéiert hutt.

   An dësem Fall:

   - *Kind* is **PDF**
   - *Created date* is within last **1 day**

3. Är Sich-Kriterien ginn als **Smart Folder** (z.B.: „*24h PDF*“) lénks an der Lëscht gespäichert.

(Dëst ass just ee Beispill fir den Asaz vu Smart Folders. Et ginn vill verschidden Sichkriterien, déi vill verschidden Resultater bréngen.)

Är PDFs sinn ab elo emmer direkt erreechbar. ✓